


# MÉI NO.
# MÉI BEWEEGEN.

LËSCHT 4

VERSÃO EM PORTUGUÊS
ENGLISH VERSION

# MÉI JONGLËNSTER - ZESUMME MAT IECH

Eise Walprogramm fir 2023-2029
Notre programme électoral pour 2023 - 2029

CSV JONGLËNSTER

## JONGLËNSTER FIT MAACHE FIR D'ZUKUNFT – MAT DER CSV!

Fir méi Zesummenhalt, sozialen Ausgläich, nohalteg Entwécklung a Liewensqualitéit!

Pour plus de cohésion, d'équilibre social, de durabilité et de qualité de vie!






# LÉIF WIELERINNEN A WIELER

Fräiheet an Toleranz, Solidaritéit a Gerechtegkeet, Nohaltegkeet a Verantwortung si **Grondwäerter**, déi eis als CSV Jonglënster orientéieren. De Mënsch steet fir eis am Mëttelpunkt. Duerfir engagéiere mir eis fir **all Bierger** a besonnesch fir eis jonk Leit, eis Familllen, eis Senioren an all déi Mënschen, déi eis Hëllef brauchen.

Gutt Infrastrukture fir eis Schoul a fir d'Kannerbetreiung gëllt et mat allen Acteure weider ze entwéckelen. Hei ass et fir eis wichteg, datt all **Famill** d'Méiglechkeet kritt hire Liewensmodell fräi a flexibel ze gestalten. Zousätzlech wëlle mir d'Fräizäitangebot fir Sport a Kultur ausbauen.

**Ëmwelt- a Klimaschutz**, souwéi déi energeetesch an digital Transformatioune sinn eng generatiounsiwwergräifend Erausfuerderung an eng Prioritéit fir d'CSV Jonglënster.

Eis **Veräiner a Clibb** sinn d'Réckgrat vun enger lieweger Gesellschaft. Si wëlle mir ganz besonnesch ënnerstëtzen. Och de Benevolat a lokal Initiativë solle verstäerkt ënnerstëtzt ginn.

Mir musse **méi bezuelbaren- a soziale Wunnengsraum** schafen an eis Dierfer a Quartiere méi nohalteg, **Vëlo-gerecht** a sécher gestalten. Mir engagéieren eis fir déi grouss Plaz op der Busgare am Zentrum vu Jonglënster an e liewegen a begréngte Square mat Caféen, Restauranten an Terrassen ëmzegestalten. E Biergergrupp soll der Gemeng hëllefe fir 3 **nei ëffentlech gréng Parkanlagen** mateneen ënnert dem Motto „Les Jardins de Junglinster" ze verbannen.

An eisen **12 Uertschafte soll d'Liewensqualitéit bestänneg** verbessert ginn. Dofir wëlle mir verstäerkt investéieren a Verkéiersberouegung, Héichwaasserschutz, nei Tréppelweeër, Spillplazen an aluedend Duerfplaze mat effizienter Infrastruktur.

**Interesséiert Biergerinnen a Bierger** kréie méi oft d'Geleeënheet a Gemengekommissiounen an u Projete matzeschaffen. Esou entsti sënnvoll an innovativ Léisunge fir eis alleguer.

Mir brauchen ausserdeem eng **dynamesch Wirtschaft**, déi alle Bierger flott Produkter a Servicer kann ubidden. De Mëttelstand an den Tourismus wëlle mir geziilt an eiser Gemeng förderen. Mir ënnerstëtzen d'Kreeslafwirtschaft a lokal Produzenten.

Zousätzlech dozou setze mir eis a fir eng besser **Gesondheetsversuergung** mat enger **zweeter Apdikt** an neie spezialiséierten Dokteren.

All dat brauch eng verbessert **Kommunikatioun** a **gutt opgestallte Gemengeservicer**. Dat si si och! Mir wëllen hinnen och weider déi richteg Ressourcen zur Verfügung stellen, déi si brauche fir dem Bierger e gudden Service ze bidden.

All eis **Kandidate** bréngе villfälteg **Kompetenzen, Erfahrungen** an **Iddeeë** mat.
A villen Aarbechtsgruppen an am Austausch mat de Bierger hu mir e gudde Programm fir Jonglënster erstallt. Entdeckt den Detail op deenen nächste Säiten oder och digital op eisem neien Internet-Site.

Villes ass an deene leschte 6 Joren ënnert der Féierung vun eisem **CSV-Buergermeeschter Romain Reitz** an eiser **CSV-Schäffe Françoise Hetto-Gaasch** geschafft a geleescht ginn. Si hunn och dofir gesuergt datt déi nächst Generatioun vun CSV-Membere prett ass fir zu Jonglënster d'Relève ze huelen. Merci Françoise a Romain!

Als agespillten **Team** si mir, an hirem Sënn, motivéiert a bereet weider **Verantwortung** ze iwwerhuelen a mat neien Akzenter eis Gemeng ze moderniséieren an op d'Zukunft virzebereeden zum Wuel vun alle Bierger.

Duerfir schenkt eis den 11. Juni Äert Vertrauen - CSV Lëscht 4!

**Raphaël Schmitz**
Schäffen an CSV Spëtzekandidat

Chères électrices, chers électeurs,

Liberté et tolérance, solidarité et justice, durabilité et responsabilité sont les **valeurs fondamentales** qui nous guident au sein du CSV de Junglinster. L'**homme** est au centre de nos préoccupations. C'est la raison pour laquelle, nous nous engageons auprès de **tous les citoyens**, particulièrement auprès de nos jeunes, de nos familles, de nos seniors et de toutes les personnes qui ont besoin de soutien.

De bonnes **infrastructures pour nos écoles et nos structures d'accueil** doivent être développées davantage avec tous les acteurs de la vie sociale. Il est important que chaque **famille** ait la possibilité de façonner librement et de manière flexible son style de vie. De plus, nous voulons élargir l'offre de loisirs pour le sport et la culture.

La **protection de l'environnement et du climat**, ainsi que les transformations énergétiques et numériques sont un défi générationnel et une priorité pour le CSV Junglinster.

Nos **associations et clubs** sont l'épine dorsale d'une société dynamique. Nous voulons particulièrement les soutenir en plus du volontariat et de toutes les initiatives locales.

Nous devons créer **plus de logements abordables et sociaux** et rendre nos villages et nos quartiers plus durables, plus sécurisés et mieux **adaptés aux vélos**. Nous nous engageons à transformer la place de la gare routière au centre de Junglinster en une place vivante et plus verte avec des cafés, restaurants et des terrasses. Un groupe de citoyens devrait supporter la commune à mieux connecter nos 3 nouveaux **espaces verts publics** entre eux sous la devise des „Jardins de Junglinster".

La **qualité de vie** dans nos **12 villages** doit être constamment améliorée. C'est la raison pour laquelle, nous voulons investir davantage dans l'apaisement de la circulation, la protection contre les inondations, de nouveaux trottoirs, des terrains de jeux et de nouvelles places de village avec des infrastructures efficaces.

Les **citoyens et citoyennes intéressés** auront la possibilité de participer plus souvent dans les commissions consultatives, de même que et dans le cadre de projets communaux. Ainsi, des solutions innovantes peuvent être créées pour nous tous.

Nous avons besoin d'une **économie dynamique**, capable d'offrir à tous les citoyens des produits et des services de qualité. Nous voulons promouvoir la classe moyenne et le tourisme dans notre commune de manière ciblée. Nous soutenons l'économie circulaire et les producteurs locaux.

De plus, nous nous engageons pour de **meilleurs services de santé** avec l'engagement d'exiger l'installation d'une **deuxième pharmacie** et l'installation de nouveaux médecins spécialistes.

Tout cela nécessite une meilleure **communication** et des services municipaux bien établis et organisés, ce qui est déjà le cas. Nous voulons continuer à leur donner les ressources nécessaires dont ils ont besoin pour fournir un bon service à nos habitants.

Tous nos **candidats** apportent des **compétences** diverses, des **expériences** et beaucoup d'**idées**. Dans de nombreux groupes de travail et en échange avec les citoyens intéressés, nous avons mis en place un bon programme pour la commune de Junglinster. Vous pourrez en découvrir le détail sur les pages suivantes, ainsi que sur notre nouveau site internet.

Beaucoup a été réalisé et atteint au cours des 6 dernières années sous la direction de notre bourgmestre CSV Romain Reitz et notre ancien échevin Françoise Hetto-Gaasch. Ils ont également veillé à ce que la prochaine génération des membres du CSV soit prête pour prendre la relève à Junglinster. Merci Françoise, merci Romain !

Comme **équipe** bien rodée, nous sommes, dans leur esprit, motivés et prêts à continuer à assumer la **responsabilité** politique et à moderniser notre commune avec des nouveaux accents pour préparer celle-ci à **l'avenir**, pour le bien de tous les citoyennes et citoyens.

C'est la raison pour laquelle : le 11 juin, accordez-nous votre confiance – CSV Liste 4 !

**Raphaël Schmitz**
Echevin et tête de liste du CSV

# MÉI NO. MÉI BEWEEGEN.
# MÉI JONGLËNSTER - ZESUMME MAT IECH



Raphaël SCHMITZ, 49 ans
Ergothérapeute, Échevin, Godbrange



Karina ABDELKADER,
Employée de Banque,
Junglinster



Jean BODEN, 61 ans
Comptable – retraité,
Gonderange



Gilles EMERINGER,
43 ans, Ingénieur,
Gonderange



Carole FRANK,
50 ans, Infirmière,
Junglinster



Mireille
HINKEL-TADASZAK ,
54 ans, Conseillière
socio-familiale,Graulinster



Colette
MARMANN-SANTANA,
51 ans, Employée administrative, Godbrange



Fabrice MOUSEL,
43 ans, Assistant social,
Junglinster



Gilles SCHLESSER,
55 ans, Economiste,
Altlinster



Philippe TRIERWEILER,
44 ans, Instituteur,
Conseiller communal,
Junglinster



Dr. Marie Louise
UWIZEYE ERNZEN,
34 ans, Ingénieure,
Junglinster



Mich WEBER,
22 ans, Etudiant,
Junglinster



Tom WEBER,
41 ans, Juriste,
Conseiller communal,
Eschweiler

# 1. MÉI FIR SCHOUL A FAMILL

- Mir wëllen dofir suergen, dass ons **Schoulgebaier, Betreiungsstrukturen a Sportinfrastrukturen** regelméisseg dem Wuesstem vun onser Gemeng ugepasst ginn.

- **D'Maison Relais "** 1 **an der Loupescht" zu Jonglënster** fir 380 Kanner aus de Cycle 1&2 soll fäerdeg gebaut ginn. Den Ausbau vum Jean-Pierre Welter Gebai mat 10 weidere Klassesäll, deen am Summer 2023 ufänkt, wäert dofir suergen, dass och an der **Grondschoul zu Jonglënster** genuch Plaz fir déi zukünfteg Entwécklung ass. Och d'Aarbechte fir d'Naturcrèche fir 100 Kanner an d'Musekschoul fir 500 Schüler, déi um Site "Op Fréinen" gebaut ginn, fänken deemnächst un.

- Zousätzlech soll zu **Buerglënster** 2 de Bau vum neie Schoul-Campus mat Sportshal, aktuell an der Planung, zäitno ëmgesat ginn. Fir d'CSV Jonglënster gëllt et sécher ze stellen, datt hei esou mann wéi méigelech Nuisance fir d'Awunner entstinn.

- Zu **Gonnereng** soll de Schoul-Campus an den nächste Joren och moderniséiert an ausgebaut ginn.

- Fir eis muss de **séchere Schoulwee** ausgebaut ginn an nei Offere solle geschaaft ginn, besonnesch am Beräich vun der "**Mobilité douce**". Esou setze mir eis fir ee weideren Ausbau vum "**Pedibus**" 3 an deene verschiddenen Uertschaften an. Donieft soll och d'Afféiere vun engem "**Vëlobus**" gepréift ginn. Bei de Schoule musse méi Stellplazen a Vëloporte virgesi ginn.

- **Liesen** a sech weiderbilde si wichteg, dofir setze mir eis fir eng modern **Mediathéik zu Jonglënster** an, wou déi aktuell Gemenge-Bibliothéik zesumme mat weidere Medie fir all d'Awunner aus der Gemeng besser zougänglech gemaach ginn. Dëst wier fir eis och eng gutt Geleeënheet fir d'Schoulbibliothéik vu Jonglënster mat ze integréieren an esou eng besser Offer fir Grouss a Kleng ze schafen. Hei wëlle mir och ee "**Lënster Studyroom**" 4 schafen, wou d'Schüler a Studente léiere kënnen.

- Mir wëllen, dass weiderhinn eng **gratis Hausaufgabenhëllef** ugebuede gëtt.

- Mir ënnerstëtzen de Projet vum Familljeministère vun enger zentraler Ulafstell zur "**Eltereberodung**" bei eis an der Gemeng.

- Mir si fir d'Erweiderung vun der **LASEP-Offer**, déi aktuell mam Cycle 1 zu Jonglënster ugefaangen huet, op déi aner Cycle vun der Grondschoul fir esou d'Beweegung vun de Kanner ze förderen.

- **Spillplaze** 5 sinn ee wichtege Faktor fir d'Entwécklung vun de Kanner an déi sozial Kontakter. Mir setzen eis dofir an, dass an all Uertschaft souwéi an all gréisserem Lotissement flott, modern a sécher Spillplazen entstinn. Bestoend Spillplaze musse reegelméisseg kontrolléiert a wann néideg moderniséiert ginn.












# 1. PLUS POUR LES ÉCOLES ET LES FAMILLES

- Nous voulons nous assurer que nos **bâtiments scolaires et nos structures d'accueil** soient régulièrement adaptés à la croissance de notre commune.

- **La Maison Relais « an der Loupescht »** 1 à Junglinster pouvant accueillir 380 enfants du Cycle 1 & 2 est en cours de construction. L'agrandissement du **bâtiment Jean-Pierre Welter**, qui débutera l'été 2023 pour 10 salles de classe supplémentaires, garantira également suffisamment d'espace dans l'école fondamentale de Junglinster pour un développement futur. Les travaux de la crèche communale en pleine nature (« **Naturcrèche** ») pour 100 enfants et de la nouvelle **école de musique** pour 500 élèves, qui seront construits sur le site „Op Fréinen", vont bientôt démarrer.

- De plus, à **Bourglinster** 2, la construction du nouveau **campus scolaire** avec une salle de sport, actuellement en projet, va être rapidement lancée. Pour le CSV Junglinster, il est important de veiller à ce qu'il y ait le moins de nuisances possible pour les riverains.

- À **Gonderange**, le campus de l'école sera également modernisé et agrandi dans les années à venir.

- Pour nous, la **sécurité sur le chemin de l'école** doit être développée et de nouvelles offres doivent être créées, notamment dans le domaine de la « **mobilité douce** ». C'est ainsi que nous nous engageons pour une nouvelle expansion du „**Pedibus**" 3 dans les différentes localités. De plus, le sujet du « vélobus » doit également être considéré. Dans les écoles, il faudra prévoir plus de places de stationnement et de support vélos.

- La **lecture** et s'instruire sont importants, c'est la raison pour laquelle nous nous engageons pour une **médiathèque** moderne à Junglinster, où la bibliothèque municipale actuelle et d'autres médias pourront être accessibles à tous les habitants de la commune. Ce serait également une bonne occasion pour nous d'intégrer la bibliothèque scolaire de Junglinster et de créer ainsi une meilleure offre pour les adultes et les enfants. Dans cette médiathèque, nous voulons également créer une salle d'étude (« **Lënster Studyroom** ») 4 où les élèves et les étudiants pourront étudier.

- Nous voulons qu'une **aide aux devoirs gratuite** continue d'être proposée.

- Nous soutenons la mise en place dans notre commune du projet de la « **Eltereberodung** » (conseil aux parents) du Ministère de la Famille.

- Nous sommes favorables à l'élargissement de **l'offre de la LASEP** (Ligue des Associations Sportives de l'Enseignement Fondamental), qui débute actuellement avec le cycle 1 à Junglinster, aux autres cycles de l'école élémentaire afin de favoriser la mobilité des enfants.

- Les **aires de jeux** 5 sont un facteur important pour le développement et les contacts sociaux des enfants. Nous nous engageons à créer des aires de jeux agréables, modernes et sûres dans chaque localité ainsi que dans chaque lotissement plus grand. Les aires de jeux existantes doivent être contrôlées régulièrement et modernisées si nécessaire.






# 2. MÉI FIR D'JUGEND A VERÄINER

- D'Wichtegkeet vum Jugendhaus ass eis bewosst. Mir wëlle mat allen implizéierten Acteuren eng "**Jugendkonferenz**" organiséieren, fir ze kucke wat verbessert ka ginn, respektiv wat an Zukunft komme soll.
- Donieft setze mir eis fir ee **Jugend-Beoptraagten** an, deen am Kontakt mat der Maison Relais, dem Jugendhaus, de Veräiner an dem Lënster Lycée steet. Dëse soll kloer Missiounen um Terrain hunn an de Lien tëscht de Jugendlechen, den Erwuessenen an den Institutiounen maachen an den direkte Uspriechpartner fir Jonker an hir spezifesch Besoine sinn ("**Streetworker**").
- Fir scho bei deene ganz Jonken d'Demokratieverständnis ze stäerken, wëlle mir dass an eiser Gemeng erëm ee **Kanner-Gemengerot** 6 entsteet. Dëse soll vun der Jugendkommissioun, dem Jugend Beoptraagten an Zesummenaarbecht mam Zenter fir politesch Bildung opgesat ginn. Mëttelfristeg soll hei ee **Jugend-Gemengerot** entstoen, deen a reegelméissegem Austausch mam Gemengerot steet.
- Op Basis vun de Resultater vun der Jugendkonferenz, sollen de Jugend-Beoptraagten an d'Jugendkommissioun ee **Jugendkommunalplang** ausschaffen.
- An eisen Ae sollen déi Jonk fir hir erreechte Resultater belount ginn. Dofir setze mir eis dofir an, dass **all schouleschen oder professionellen Ofschloss** vun der Gemeng eng finanziell Unerkennung kritt.
- Well dëst eng eemoleg Geleeënheet ass, fir déi Jonk Europa besser kennen ze léieren, wëlle mir sozial gestaffelt finanziell Ureizer schafen, fir dass all Jugendlechen d'Chance kann hunn een **Interrailticket** 7 ze benotzen.
- Mir wëllen ee Lokal fir den neie **Club des Jeunes** schafen an an der Géigend vum Lënster Lycée soll ee **Pumptrack** 8 entstoen.
- Mir setzen eis dofir an, dass **qualitativ Jugendaarbecht** verstäerkt honoréiert gëtt a wëllen eng deementspriechend Adaptatioun vum Subsidieschlëssel fir d'Veräiner.
- Fir eng besser Koordinatioun vun de Manifestatioune vun de Veräiner, de verschiddene Kommissiounen an der Gemeng muss fir eis de **Manifestatiounskalenner** 9 vun der Gemeng verbessert ginn. Heifir mussen, z.B. och d'Aschreiwungen am MAG synchroniséiert ginn. Et muss fir eis eng Méiglechkeet ginn, verschidden traditionell **Festterminer** am Joer fix anzedroen.









# 2. PLUS POUR LES JEUNES ET NOS CLUBS

- Nous sommes conscients de l'importance de la maison des jeunes. Nous voulons organiser une « **conférence des jeunes** » avec tous les acteurs impliqués, pour voir ce qui peut être amélioré et préparer le futur.
- En outre, nous soutenons la création d'un « **chargé de jeunesse** », qui sera en contact avec la Maison Relais, la Maison des Jeunes, les clubs et le Lënster Lycée. Celui-ci devra obtenir des missions claires sur le terrain et faire le lien entre les jeunes, les adultes, les institutions et être l'interlocuteur direct et privilégié des jeunes et de leurs besoins spécifiques („**Streetworker**").
- Afin de renforcer la compréhension de la démocratie chez les tout-petits, nous voulons qu'un conseil **communal des enfants** 6 soit introduit dans notre commune. Celui-ci devrait être mis en place par la commission de la jeunesse, le chargé de jeunesse en collaboration avec le « Zenter fir politesch Bildung ». A moyen terme, un conseil communal des jeunes devrait être établi, avec un échange régulier avec le conseil municipal.
- Sur la base des résultats de la conférence des jeunes, l'éducateur jeunesse et la commission des jeunes devront élaborer un « **plan communal jeunesse** ».
- À nos yeux, les jeunes devraient être récompensés pour leurs résultats scolaires. C'est la raison pour laquelle, nous nous engageons à faire en sorte que chaque **diplôme scolaire ou professionnel** obtenu reçoive une reconnaissance financière de la commune.
- Comme il s'agit d'une occasion unique pour les jeunes de découvrir l'Europe, nous créerons un soutien financier, socialement différencié pour permettre à tous les jeunes d'utiliser un ticket **Interrail**. 7
- Nous voulons créer un local pour le nouveau **club des jeunes** et un **pump track** 8 devrait être construit à proximité du Lënster lycée.
- Nous nous engageons à faire en sorte que le **travail de qualité destiné aux jeunes** soit davantage reconnu et souhaitons une adaptation correspondante de la clé de subvention pour les clubs.
- Pour une meilleure coordination des événements des clubs, des différentes commissions consultatives et de la commune, le **calendrier des manifestations** 9 de la commune devra être amélioré. Pour cela, les inscriptions dans le MAG devraient être synchronisées. Pour nous, il devrait également être possible d'y inscrire des **dates récurrentes** définitivement pour des fêtes traditionnelles à date fixe.






# 3. MÉI KULTUR

- Et ass fir eis wichteg, dass e **Kultur-Programm op laang Siicht** opgestallt gëtt. Dëse soll déi grouss Linne vun de Kultur Evenementer zum Beispill fir déi nächst 10 Joer opstellen.
- Et gëtt an der Gemeng vill **kulturell Rendez-vousen**, déi mir nach besser an der Gemeng an doriwwer eraus **bekannt-maache** mussen. Dëst sinn natierlech den Art'Lënster an déi traditionell Konschthandwierker Deeg (10) , awer och méi rezent nei Evenementer (z.B. d'Keltesch Nuecht oder de StreetArtFestival).
- Fir de Leit d'Kultur méi no ze bréngen, setze mir eis fir **reegelméisseg ofwiesselend Ausstellungen** an deene verschiddene Gemengegebaier an. Hei sollen och verstäerkt Kënschtler aus eiser Gemeng gefrot ginn.
- **D'Partenariat** mam **Bierger Schlass** (11) soll weider verstäerkt ginn a fir Kultur fir jiddereen zougänglech ze maachen, wëlle mir eis dofir asetzen d'Schlass **och fir PMR'en** ("personnes à mobilité réduite") accessibel ze maachen, ugefaange mat der Annexe.
- Fir scho fréi e gudden Zougank zur Kultur ze kréien, wëlle mir verstäerkt op **Workshops an Ateliere fir Kanner** (12) setzen.
- Mir wëllen **Synergie mat eisen Nopeschgemengen** schafen, virun allem duerch eng besser Kommunikatioun iwwer Evenementer, z.B. zu Nidderaanwen, Iechternach, Maacher, Miersch, asw. ... Och kéinten **Navetten** op Concerten, Theatervirstellungen oder och punktuell Eventer, wéi d'Emaischen, ugebuede ginn.
- De **Kulturbudget** vun der Gemeng soll fir all déi Aktivitéite kënnen ëmzesetzen, **eropgesat** ginn.

# 3. POUR PLUS DE CULTURE

- Il nous est important qu'un **programme culturel** soit élaboré sur le **long terme**. Celui-ci devrait établir les grandes lignes des manifestations culturelles par exemple pour les 10 prochaines années.
- Nous avons **beaucoup d'événements culturels** dans la commune, que nous devons **promouvoir davantage** dans la commune et dans les environs. Il y a bien sûr « Art Lënster » et les traditionnelles « Konschthandwierkerdeeg (10) » (journées des métiers d'art), mais également des événements plus récents comme la « Nuit Celtique » ou le Street Art Festival.
- Afin de rapprocher la culture des citoyens, nous nous engageons à **alterner régulièrement des expositions** dans les différents bâtiments communaux tout en favorisant les artistes de notre commune.
- Le **partenariat** avec le **Château de Bourglinster** (11) doit être renforcé. Afin de rendre la culture accessible à tous, nous souhaitons nous engager à rendre le **château accessible également aux PMR** ("personnes à mobilité réduite"), en commençant par les Annexes du Château de Bourglinster.
- Afin d'accéder à la culture dès le plus jeune âge, nous souhaitons privilégier les **ateliers et les workshops pour les enfants.** (12)
- Nous souhaitons créer des **synergies avec nos communes voisines** : Niederanven, Echternach, Grevenmacher, Mersch, etc. ..., par une meilleure communication des événements de part et d'autre. Des **navettes** de bus pourront également être proposées pour des concerts, des représentations théâtrales ou des événements ponctuels comme « Eemaischen » à Nospelt.
- Le **budget culturel** de la commune devrait être **augmenté** afin de pouvoir mettre en place toutes ces activités.









## 4. MÉI SOZIALES, WUNNEN AN ZESUMMELIEWEN

- Fir den Accès zu de Büroe vum **Centrest** ze erliichteren a fir dësem wichtege Service déi néideg Plaz ze ginn, soll dëse vu Roudemer op Jonglënster an déi **Al Gemeng** 13 plënneren, wat och d'Problemer vun der Accessibilitéit léise géif.




- De **Benevolat** ass e wichtege Pilier vun eiser Gesellschaft – dat fräiwëllegt Engagement muss deemno weider gefërdert an honoréiert ginn.

- Mir ënnerstëtzen d'Schafe vun engem "**Repair Café**" 14, wou een d'Kompetenze vu Matbierger a besonnesch vu Senioren notzen a gläichzäiteg sozial Kontakter fërdere kann. Dobäi kënne sou och nach Ressource geschount ginn.

- Mir engagéieren eis weider verstäerkt fir d'Schafe vun **abordabelem Wunnraum**. Déi 17 Wunnengen an der JongMëtt an déi 4 Haiser zu Guedber 15 solle fäerdeg gestallt an iwwer bail emphytéotique verkaaft ginn. Fir d'Schafe vu weiderem abordabelem Wunnraum wëlle mir verstäerkt d'Instrumenter aus dem neie **Pacte Logement 2.0** notzen.




- Mir engagéieren eis fir nei an innovativ Konzepter wéi z.B. '**Tiny Houses**' a **Wunngemeinschaften** an der Gemeng ze erméiglechen.

- An Zesummenaarbecht mam Centrest wëlle mir weider **Sozialwunnenge** schafen.


- Mir wëlle **Plaze** schafe fir Grouss a Kleng, wou et Spaass mécht, sech ze treffen, an dëst an deenen eenzelen Uertschafte vun eiser Gemeng:
  - o Zu **Jonglënster** ënnerstëtze mir d'Schafe vun enger neier **zentraler Plaz** 16 op der aktueller Busgare. Fir eis mussen hei kleng Geschäfter, Caféen a Restauranten mat Terrassen entstoen. Hei soll och **d'Maison citoyenne** hikommen. Wichteg si Beem, déi Schied spenden an eng Konzeptioun, déi de Leit Loscht mécht hei Zäit ze verbréngen. Well no der Neigestaltung an der Garer Strooss bal keng Parkplaze méi bleiwen, muss hei och **e Parking Souterrain** entstoen. De **Park** 17 vu bal 1 ha **bei der Loupescht** soll amenagéiert an opgemaach gi fir d'Awunner. D'Haus aus dem 18. Joer honnert soll revaloriséiert ginn an eng nei Verwendung kréien. Déi al Scheier soll ëmgebaut ginn z.B. fir Hochzäiten ofzehalen. Och de **Park Flammang** bei der Gemeng gëtt fir d'Bierger amenagéiert.
  - o Zu **Buerglënster** wëlle mir dofir suergen, dass am Kader vun der Neigestaltung vum Schoul-Campus eng nei **Duerfplaz** entsteet.
  - o Zu **Eesebuer** soll de Park 18 fäerdeg gestallt ginn a mir gesi vir **d'Kapell**, déi der Gemeng gehéiert, als Veräinslokal ëmzebauen. Donieft setze mir eis dofir an, dass hei eng **Boulepiste** fir d'Leit am Duerf gebaut gëtt.
  - o Zu **Beidler** soll zesumme mat den Awunner en **neien Zentrum vum Duerf** entwéckelt ginn, an nom Depart vum Club Senior wëlle mir, dass an der **Beidler Schoul** een Duerf-Lokal entsteet. Mir sëtzen eis dofir an den Terrain vum **Kierche-Fong** ze kafen.
  - o Zu **Roudemer** gesi mir vir ee **Veräins lokal** am Zentrum vun der "Junkerwiss" ze schafen.
  - o Zu **Amber** soll zesumme mat den Awunner e Veräinslokal geplangt ginn.

## 4. PLUS DE LOGEMENTS, PLUS DE MESURES SOCIALES ET UN MEILLEUR VIVRE-ENSEMBLE

- Pour améliorer l'accès aux bureaux du **CENTREST** et pour donner l'espace nécessaire à ce service important, celui-ci devra déménager de Rodenbourg à Junglinster **dans l'ancienne maison communale**, 13 ce qui résoudrait également les problèmes d'accessibilité.

- Le **bénévolat** est un pilier important de notre société – l'engagement volontaire des citoyennes et citoyens doit pour cela être encouragé et dûment honoré.

- Nous soutenons la création d'un « **Repair Café** » 14 , où l'on pourra utiliser les compétences variées des concitoyens, particulièrement des Seniors, tout en cultivant les relations sociales. En même temps, cela permettra de préserver des ressources.




- Nous continuons de nous engager de manière renforcée pour la création de **logements abordables**. Les 17 logements dans la JongMëtt et les 4 maisons unifamiliales à Godbrange 15 devront être finalisés et vendus sous la forme de bail emphytéotique. Nous allons utiliser les nouveaux outils issus du **Pacte Logement 2.0** pour la création de logements abordables supplémentaires.

- Nous nous engageons également pour permettre dans la commune la réalisation de concepts innovants comme les « **Tiny Houses** » et les **colocations**.

- En collaboration avec le CENTREST nous voulons créer davantage de **logements sociaux**.

- Nous voulons créer des **espaces de rencontre** conviviaux pour les grands et les petits, et cela dans chaque localité de notre commune :
  - o À **Junglinster**, nous supportons la création d'une nouvelle **place centrale** 16 à l'endroit de l'actuelle gare routière. Pour nous, des petits commerces, des cafés et restaurant avec des terrasses devront être créés à cet endroit. Ce serait également le lieu où verrions l'implantation de la **Maison citoyenne**. Il importe de prévoir des arbres pour faire de l'ombre et de réaliser une conception qui donne envie d'y passer du temps. Comme le réaménagement de la Rue de la Gare réduira significativement le nombre de places de stationnement, il est pour nous nécessaire de créer à cet endroit un **parking souterrain**.




Le **parc** 17 de près d'un hectare près de la « Loupescht » devra être aménagé et ouvert au public. La maison de maître du 18e siècle devra être revalorisé et recevoir une nouvelle affectation. L'ancienne grange devra être réaménagée par exemple pour y célébrer des mariages civils. Le **parc Flammang** près de la maison communa le sera également aménagé et ouvert aux citoyens.
  - o À **Bourglinster**, nous voulons créer une nouvelle **place de village** dans le cadre du réaménagement du campus scolaire.
  - o À **Eisenborn**, l'aménagement du parc 18 doit être finalisé et nous prévoyons que la **chapelle** qui appartient à la commune soit transformée en local pour associations. Dans le village, nous voulons par ailleurs créer une **piste de pétanque** pour les habitants.
  - o À **Beidweiler**, le **nouveau centre du village** doit être développé de concert avec les habitants. Après le départ du Club Senior de la « **Beidler Schoul** », nous voulons y installer un local pour associations. Nous nous engageons à acheter le terrain du **fonds de l'église**.
  - o À **Rodenbourg** nous voulons créer un **local pour associations** dans la « Junkerwiss ».
  - o À **Imbringen**, un local pour associations doit être planifié avec les habitants du village.






# 5. MÉI FIR D'SENIOREN AN D'ACCESSIBILITÉIT

- De **CIPA** (19) soll ëm bal **70 Better** erweidert gi fir der grousser Demande gerecht ze ginn.
- Mir wëllen d'Infrastrukture schafen, fir dass de "**Club Senior An der Loupescht**" op Jonglënster komme kann, fir esou ee bessere Austausch mam CIPA ze erméiglechen. Dëst géif och duerno een **intergenerationellen Austausch** (20) mat de Kanner a Jugendleche vereinfachen.




- Mir ënnerstëtzen de Projet fir **betreit Wunne fir Seniore** vun der Croix Rouge. Fir eis sollen dës Wunnengen um Terrain vum aktuellen "Haus Beck" entstoen, wou och de Club Senior seng **definitiv Plaz** fanne soll.
- Den "**Téléalarm**" ass an eisen Aen wichteg fir **d'Autonomie an d'Sécherheet** vun eisen eelere Matbierger esou laang wéi méiglech bei sech **doheem** ze garantéieren. Dofir wëlle mir aféieren, dass d'Gemeng d'Installatiounskäschte vun dësem System iwwerhëlt.
- Mir ënnerstëtzen de Projet vun engem **Foyer de jour** fir Senioren an der JongMëtt zu Jonglënster, deen zesumme mat den accessibele Wunnengen an den Milvius&Lanius Gebaier d'**Offer fir eeler Leit** zu Jonglënster komplettéiert.
- Mir wëllen **accessibel a sécher Spadséierweeër** (21) schafen, mat genuch Méiglechkeete fir ze raschten.







- **Accessibilitéit** kann eis all betreffen. Eis Gemeng ass awer nach net esou accessibel wéi si et kéint sinn. Aus deem Grond wëlle mir eng "**Commission consultative de l'accessibilité**" schafen. Dës soll zesumme mat betraffene Matbierger Plazen identifizéieren, wou Verbesserungen an Adaptatioune (22) gemaach solle ginn an no entspriechende Léisunge sichen. Esou soll erreecht ginn, dass eis Gebaier, Infrastrukturen a Weeër fir jiddereen zougänglech sinn.



# 5. PLUS POUR LES SENIORS ET PLUS D'ACCESSIBILITÉ

- Le **CIPA** (19) devra être agrandi de près de **70 lits** supplémentaires pour répondre à la grande demande.
- Nous voulons créer les infrastructures nécessaires pour permettre au « **Club Senior an der Loupescht** » de déménager à Junglinster pour permettre un meilleur échange avec le CIPA. Ceci permettra également de faciliter les **échanges intergénérationnels** avec les enfants et les jeunes.




- Nous encourageons le **projet de logements assistés** pour seniors de la Croix Rouge. Pour nous, ces appartements devront être créés sur le terrain de la maison « Beck » (20) actuelle. C'est ici que le Club Senior devra trouver sa **place définitive**.
- Le système du « **téléalarme** » est à nos yeux important pour garantir **l'autonomie** et la **sécurité** des personnes âgées le plus longtemps possible **chez soi**. Pour cela, nous voulons introduire une prise en charge des frais d'installation de celui-ci.
- Nous soutenons le projet d'un **foyer de jour** pour Seniors dans la JongMëtt à Junglinster. Avec les logements accessibles existants dans les immeubles Milvius et Lanius, ce projet complètera **l'offre pour personnes âgées** à Junglinster.
- Nous voulons créer des **sentiers de promenade accessibles et sécurisés**, (21) avec suffisamment de places de repos.
- La question de l'accessibilité peut nous concerner tous. Notre commune n'est cependant pas encore aussi accessible qu'elle pourrait l'être. Nous voulons pour cela créer une « Commission consultative de l'accessibilité ». Ensemble avec des personnes concernées, cette commission devra ainsi identifier des points d'amélioration et d'adaptation (22) et développer des solutions appropriées. Nous voulons ainsi obtenir que nos bâtiments, infrastructures et sentiers soient accessibles à tous.

# 6. MÉI GESONDHEET A WUELBEFANNEN

- Mir fuerderen **eng 2t Apdikt** 23 zu Lënster, fir eng besser Offer an eiser Gemeng mat geschwënn 10.000 Awunner unzebidden.

- Mir ënnerstëtzen de Projet vun der Fondation des Hôpitaux Robert Schuman fir en neie **Centre médical**, deen op dem Terrain vum Parking virum Centre Polyvalent Gaston Stein entstoe soll. Heihi sollen nieft engem Service d'**Imagerie médicale mat IRM**, 24 virun allem Spezialiste kommen, déi nach net an eiser Gemeng vertruede sinn. Ee Schwéierpunkt soll hei och **d'Médecine preventive** kréien.




- Mir wëllen, dass eng "**Commission consultative pour la santé** 25 **et le bien-être**" geschaaft gëtt. Dës Kommissioun soll Konferenzen an Aktivitéiten zu Theme vu **Gesondheet, Preventioun a Liewensqualitéit** organiséieren an eventuell Besoine vun de Matbierger an dëse Beräicher erkennen a Léisunge sichen.




- Mir wëllen eng gesond Ernährung ënnerstëtzen duerch Fërdere vu lokale Produkter. Dofir setze mir eis an, erëm de **lokale Maart** 26 opliewen ze loosse, mat engem Schwéierpunkt op lokalen a regionale Produkter.




